N°4459
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister an d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

Fir vill Leit sinn Hausdéieren e wichtegen Deel vun der Famill. De Verloscht vun engem Déier, besonnesch wann et als vermësst gemellt gëtt, geet dacks mat grousse Suergen an enger héijer emotionaler Belaaschtung an hier.

An hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°2809 hunn d'Madamm Ministesch an den Här Minister drop higewisen, datt d'Police primär fir d'Sécherheet vu Mënschen zoustänneg ass an de CGDIS sech op d'Rettung vu Mënsche konzentréiert. Eng Interventioun am Zesummenhang mat vermëssten Déieren ass deemno nëmmen an Ausnamefäll virgesinn, notamment wann eng konkret Gefor duerch d'Déier besteet.

An der Praxis féiert dës Situatioun dozou, datt vill betraffe Persounen ouni kloer Orientéierung oder Ënnerstëtzung bleiwen, obwuel de Besoin u Koordinatioun an Hëllef an esou Situatiounen evident ass.

An deem Kontext géing ech follgend Froe stellen:

- Wéi vill Meldunge betreffend vermëssten Hausdéiere sinn an de leschte fënnef Joer bei der Police, dem 113, dem CGDIS oder aneren ëffentlechen Déngschter enregistréiert ginn? Kann d'Regierung dës Zuelen no Joer an, wa méiglech, no Déierenaart opléschten?
- Ass der Regierung bekannt, a wéi ville Fäll dës Meldungen un Déiereschutzorganisatiounen oder spezialiséiert Veräiner (wéi z. B. Sichhënn.lu) weidergeleet goufen oder op hir Ënnerstëtzung zeréckgegraff gouf?
- Huet d'Regierung eng Evaluatioun vum Projet „Animal Responder" virgeholl? Falls jo, zu wéi enge Conclusiounen ass si komm? Falls net, firwat net?
- Falls de Veräin Sichhënn.lu säi Service an Zukunft misst astellen oder wesentlech reduzéieren, wéi eng Organisatioun, Administratioun oder Struktur géif dann d'Aufgab vun der Sich no vermëssten Hausdéieren iwwerhuelen?
- Besteet aktuell eng national Strategie oder eng Koordinatioun am Beräich vun de vermëssten Hausdéieren? Falls nee, ass virgesinn, zesumme mat den Déiereschutzorganisatiounen an den zoustännegen Administratiounen eng entspriechend Concertatioun anzeleeden?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, Martine Hansen, op d'parlamentaresch Fro N° 4459 vum 15. Juli 2026 vun der honorabeler Deputéiert Claire Delcourt zum Sujet « Prise en charge et coordination des recherches des animaux de compagnie disparus ».**

D'Sich no engem vermëssten Hausdéier fält primär ënner d'Eegeverantwortung vum Proprietär. An der Praxis hëllefen awer dacks Déierenasyler, Déiereschutzorganisatiounen a Veterinären dobäi, opgegraffen Déieren ze identifizéieren an un hire Besëtzer zeréckzeginn, sou datt eng Rei vu bestoenden Acteuren zu dëser Aufgab bäidroen.

Hausdéieren, wéi beispillsweis Hënn a Kazen, mussen identifizéiert a registréiert sinn. Domat besteet schonn e Mechanismus, fir opgegraffen Déieren un hir Besëtzer zeréckzeginn. Wann e vermësst Déier opgegraff gëtt, kann de Proprietär an der Reegel iwwer dës Registréierung séier ermëttelt a kontaktéiert ginn.

D’Sich no vermëssten Déiere gehéiert net zu de Kärmissioune vum CGDIS. De CGDIS intervenéiert just an deene Fäll, wou en Déier eng akut Gefor fir e Mënsch duerstellt oder wou d’Déier selwer a Gefor ass an aus enger akuter Noutsituatioun gerett muss ginn. Dës Interventioune gi vum Groupe d’intervention spécialisé de sauvetage animalier, mat senge speziell forméierte Pompjeeën a Veterinairen assuréiert.

D’Police ass zoustänneg fir Mënschen an intervenéiert ganz siele bei Déiere just, zum Beispill am Fall vu vermëssten Déieren déi eng Gefor duerstellen.

**1. Wéi vill Meldunge betreffend vermëssten Hausdéiere sinn an de leschte fënnef Joer bei der Police, dem 113, dem CGDIS oder aneren ëffentlechen Déngschter enregistréiert ginn? Kann d’Regierung dës Zuelen no Joer an, wa méiglech, no Déierenaart oplëschten?**

De follgenden Tableau weist d’Zuel vu Meldunge bei der Police vu vermëssten Déieren aus de leschte 5 Joer. Et sief bemierkt, dass eng Meldung sech op méi ewéi een Déier bezéie kann.

| Unzuel | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 | 2026 | Total: |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Januar | 36 | 30 | 38 | 22 | 33 | **159** |
| Februar | 28 | 21 | 26 | 14 | 21 | **110** |
| Mäerz | 31 | 23 | 26 | 35 | 39 | **154** |
| Abräll | 32 | 29 | 31 | 19 | 35 | **146** |
| Mee | 49 | 27 | 17 | 50 | 33 | **176** |
| Juni | 34 | 37 | 26 | 43 | 32 | **172** |
| July | 42 | 39 | 33 | 43 | 24 | **181** |
| August | 33 | 35 | 22 | 39 | | **129** |
| September | 28 | 35 | 27 | 25 | | **115** |
| Oktober | 27 | 28 | 23 | 33 | | **111** |
| November | 36 | 16 | 25 | 27 | | **104** |
| Dezember | 36 | 25 | 19 | 30 | | **110** |
| **Total:** | **412** | **345** | **313** | **380** | **217** | **1667** |

D’Police ventiléiert d’Zuelen net no Déierenaart.

Appeller op den 112, déi a Relatioun mat enger Vermësstemeldung vun engem Déier stinn, gi statistesch net erhuewen.

**2. Ass der Regierung bekannt, a wéi ville Fäll dës Meldungen un Déiereschutzorganisatiounen oder spezialiséiert Veräiner (wéi z. B. Sichhënn.lu) weidergeleet goufen oder op hir Ënnerstëtzung zeréckgegraff gouf?**

Wéi schonn an der Äntwert op d’parlamentaresch Fro n° 2809 vum 27. August 2025 vun der honorabeler Deputéierten Claire Delcourt erkläert gi war, gräift d’Police am Fall vun enger Vermësstemeldung vun enger Persoun op hir eege Ressourcen zeréck. Wann zousätzlech Hondsstaffelen néideg sinn, schafft d’Police mat den offizielle Partner zesummen, dem CGDIS an der Croix-Rouge. Dës Equipe si professionell ausgebilt an d'Déieren si konform zu internationale Standarden trainéiert. Leit déi der Police ee vermëssten Déier mellen, ginn an der Reegel u kompetent Kontaktstelle weidergeleet, dorënner och d'ASBL Sichhënn.lu.

Eng automatiséiert Recherche a wéi ville Fäll eng Meldung u wat fir eng Organisatioun weidergeleet gouf, ass säitens der Police net méiglech.

De CGDIS huet keng direkt Zesummenaarbecht mat der Associatioun Sichhënn.lu.

**3. Huet d'Regierung eng Evaluatioun vum Projet „Animal Responder" virgeholl? Falls jo, zu wéi enge Conclusiounen ass si komm? Falls net, firwat net?**
**4. Falls de Veräin Sichhënn.lu säi Service an Zukunft misst astellen oder wesentlech reduzéieren, wéi eng Organisatioun, Administratioun oder Struktur géif dann d'Aufgab vun der Sich no vermëssten Hausdéieren iwwerhuelen?**

Mir verweisen op eis Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2809 vum 27. August 2025 vun der honorabeler Deputéierten Claire Delcourt zum Sujet "Soutien étatique à l'association Sichhënn.lu".

**5. Besteet aktuell eng national Strategie oder eng Koordinatioun am Beräich vun de vermëssten Hausdéieren? Falls nee, ass virgesinn, zesumme mat den Déiereschutzorganisatiounen an den zoustännegen Administratiounen eng entspriechend Concertatioun anzeleeden?**

Aktuell besteet keng national Strategie oder Koordinatioun am Beräich vun de vermëssten Hausdéieren. Wéi schonn uewen ernimmt, sinn eng Rei vu bestoenden Acteuren an dësem Beräich aktiv, domat stinn de Proprietäre schonn haut verschidden Ulafstellen zur Verfügung, déi Sie bei der Sich no hirem Déier oder bei der Identifikatioun vun opgegraffenen Déieren ënnerstëtze kënnen.

Lëtzebuerg, den 2. September 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN